




OPPENEN OPRUFF – MAACHT MAT!

**THE EUROPEAN BALCONY PROJECT
PROKLAMMÉIERT D'EUROPËSCH REPUBLIK!**



Iddi a Konzept:

ULRIKE GUÉROT
ROBERT MENASSE
MILO RAU

Kontakt & Informatioun

EUROPEAN DEMOCRACY LAB

europeandemocracylab.org/en/projects/project/the-european-balcony-project.html

Responsabel vum Projet

Verena Humer

verena.humer@eudemlab.org

An enger Zäit, wou Europa domadder kämpft, fir nei Weeër fir eng transnational Demokratie ze fannen a wou d'Europäesch Bierger nei Forme vu politescher Participatioun sichen, wëll den „European Balcony Project“ e Manifest iwwert eng Zukunft fir Europa lancéieren. Vun de Balconen aus ganz Europa sollen Artisten a Bierger dofir d'Europäesch Republik ausruffen an d'Manifest, geschriwwen vum Ulrike Guérot, Robert Menasse a Milo Rau, virlesen an esou de Wee leeë fir den emanzipatoreschen Usproch vun de Bierger no Gläichheet iwwert d'Nationalstaaten eraus.

Mir invitéieren dech dofir, fir den 10. November 2018 um 16.00 Auer um Balcon vun engem Theater, vun den Trape vun engem öffentleche Gebai oder vun enger öffentlecher Plaz d'Europäesch Republik auszeruffen.

D'Proklamatioun vun der Europäescher Republik wäert a grouse wéi och a kleng Stied, an Haaptstied wéi och an de Regiounen stattfannen, fir esou d'Europäesch Iddi ze dezentraliséieren. De Projet kann dobäi och nach aner Eventer enthalen, ewéi zum Beispill Diskussiounen, Table Ronden oder kënschtlersch Aktiounen, déi vum 9. bis den 11. November 2018 an enger Abberzuel vun Theateren an öffentleche Plazen an Europa stattfannen, fir esou d'Proklamatioun vun der Europäescher Republik ze encadréieren an ze begleeden.

Am Kader vun de Wale fir d'Europäescht Parlament am Mee 2019 wëlle mir europawäit en Diskussionsweekend iwwert Europäesch Demokratie organiséieren. Mir wëllen eis inspiréieren un der Notioun „Republik“, déi déi eelste Form vu politescher Organisatioun vu Bierger duerstellt, an des op Europa uwenden.

Mir wëllen den europäesche Bannemaart an déi gemeinsam europäesch Währung an enger eenzeger Europäescher Demokratie integréieren. Mir wëllen déi Länner, déi am Ament nach baussent dëser Währungsunioun sinn, invitéiere fir sech kuerzfristeg unzeschléissen an esou d'Ost-West-Deelung ze schléissen.

An Erënnerung un d'Proklamatiounen vun de verschiddene Republiken nom Enn vum Zweete Weltkrich, wëlle mir d'„Europäescher Republik“ als Symbol vun eiser gemeinsamer Europäescher Zukunft ausruffen. Eis Hauptfuerderung ass et, datt Bierger, déi sech zu engem politesche Projet zesummeschléissen, gläich virum Gesetz sinn.

D'EU, als eng Rechtsgemeinschaft, garantéiert eng Gläichbehandlung vu Gidder, vu Servicer a vum Kapital, mee refuséiert eng vollëmfaasend Gläichheet vun de Bierger. D'Souveränitéit gehéiert den Europäesche Bierger, déi awer gläich an de Beräicher vum Walrecht, dem Steuerrecht an dem Zougang zu soziale Rechter mussen sinn, wa mir eng gemeinsam politesch Entitéit an Europa erschafe wëllen. Mir wëllen dëse wëssenschaftlechen Diskurs an d'Zivilgesellschaft bréngen. Fir datt all d'Bierger verstinn, datt mir Europa vu Grond op neidenke mussen, muss d'Biergerbedeelegung eng vun den haarteste Fuerderunge sinn. Aus dësem Grond invitéiere mir Kënschtler aus allen Disziplinne fir iwwert d'Iddi vun enger „Europäescher Republik“ nozedenken, déi an engem Terme resuméiert, datt d'Souveränitéit vum Bierger ausgeet an den Usproch vun engem volle parlamentaresche System huet, deen op de Grondlage vun enger strikter Gewaltentrennung berout - eppes, wat aktuell bei der EU net de Fall ass.

Eis Aktioun wëll d'Europäesch Bierger encouragéiere fir esou d'Wäiche fir eng normativ Eenheet stellen. Heimadde wëlle mir déi al Prämiss, datt Europa „Eenheet an Diversitéit“ ass, verwierklechen: normativ Eenheet vun allen Europäesche Bierger bei kultureller Diversitéit an Erhale vun hirer lokalen a regionalen Identitéit.

Well d'Europäesch Biergerschaft net just e kulturellt, mee och e normatiivt a rechtlecht Prinzip ass.

**Ee Maart – eng Währung – eng Demokratie!
Vive la République Européenne!**

